N° 6067
Reçue le 27.04.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister a vum Här Aussen- an Europaminister, op d'parlamentaresch Fro n°6067 vum 15. Abrëll 2022 vum honorabelen Deputéierten Fred KEUP.

D'Regierung wéisst drop hin, dass eng franséisch Presidentschaftswal net vergläichbar ass mat nationale Chamberwalen. Et handelt sech em e ganz aneren "Type" vu Wal. Dësweideren stäipt den honorabelen Deputéierte säi Verglach mat Frankräich och nët op déi insgesamt Bedeelegung bei de Presidentschaftswalen vun de Fransousen déi ausserhalb vu Frankräich wunnen, mee hellt ausschliisslech d'Walbedeelegeung vun de Fransousen zu Lëtzebuerg als Vergläichsparameter.

Fir d'Regierung ass a bleift d'Ausübung vum Walrecht ee vun de fundamentaalsten an domat wichtegsten Akten vun der Bedeelegung un der Demokratie an zu Lëtzebuerg gëllt dofir an deem Zesummenhang och d'Walpflicht. Fir d' Lëtzebuerger a Lëtzebuergerinnen, déi am Ausland liewen, ass d'Walrecht awer fakultativ a kann eenzeg an eleng iwwert d'Bréifwal ausgeübt ginn.

Un dëse Prinzipien hält och déi aktuell Reform vun eiser Verfassung fest.

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier Bettel